

MOSAÏK

GEMENG
VIICHTEN

BULLETIN COMMUNAL · GEMENG VIICHTEN



N°01
2026

Sommaire



4

01 | ÄR GEMENG FIR IECH DO

D'Aarbechten an d'Realisatioune vum Service Technique fannt Dir op der Säit 4.

Retrouvez les derniers travaux et réalisations de notre service technique en page 4.



18

02 | RÉCKBLÉCK AUS DE GEMENG

E puer Andréck vun den Aktivitéiten aus eiser Gemeng fannt Dir op der Säit 18.

Vous trouverez quelques impressions des activités dans notre commune en page 18.



42

03 | GEMENGERÉIT

De Resumé an d'Resolutiounen vun de Gemengréit fannt Dir op der Säit 42.

Retrouvez les résultats des votes et les décisions prises lors de conseils communaux en page 42.



66

04 | KONTAKT

All d'Informatiounen wéi Dir eis ereeche kënnt fannt Dir op der Säit 66.

Retrouvez toutes les informations utiles pour nous contacter en page 66.

Virwuert

Léif Awunner vu Viichten a Méchelbuch,

Mam Enn vum Juli geet net nëmmen eng intensiv éischt Hallschent vum Joer op en Enn, mee och eng Zäit, an där an eiser Gemeng vill geschafft, geplangt an decidéiert gouf. Vill vun dëser Aarbecht ass net ëmmer direkt siichtbar, si schafft awer d'Grundlag fir d'Entwécklung vu muer.

Als Schäfferot a Gemengerot hu mir eis virgeholl, d'Gemeng Viichten nohalteg a mat Wäitbléck weider ze bréngen. Dobäi geet et net nëmmen ëm nei Infrastruktur oder Investissementer, mee virun allem ëm d'Fro, wéi mir eis Gemeng esou entwéckelen, datt si och an Zukunft eng héich Liewensqualitéit bitt. Wuesstem eleng däerf ni en Zil u sech sinn. Mir wëllen eng Entwécklung, déi zu eiser Gemeng passt, eis Dierfer respektéiert an d'Interesse vun den Awunner an de Mëttelpunkt stellt.

Déi lescht Joren a Méint hu gewisen, datt d'Erausforderunge fir eng Gemeng ëmmer méi komplex ginn. Nei gesetzlech Ufuerderungen, Klimaupassung, Mobilitéit, Logement an d'Erwaardunge vun de Bierger verlaangen no gudden an duerchduechte Léisungen. Dofir ass et eis wichteg, net nëmme kuerzfristeg Entscheedungen ze treffen, mee Projeten ze entwéckelen, déi och nach an zéng oder zwanzeg Joer Sënn maachen.

Eng konkret Verbesserung am Alldag vun eise Bierger gëtt et schonn an de kommende Wochen. Zäitno wäert um Schoulparking den Traiteur Niessen e moderne Verkafscontainer a Betrib huelen.



Dëse wäert 24 Stonnen den Dag, 7 Deeg an der Woch accessibel sinn a bitt eng praktesch Méiglechkeet, sech och ausserhalb vun de gewinnte Buttekszäiten mat frësche Liewensmëttel an den néidegste Produkter vum Alldag anzedecken. Nieft Mëllechprodukter, Gedrénks a Basisartikelen wäert och eng Auswiel u fäerdege Plat'en a regionale Spezialitéiten ugebuede ginn. Mir si frou, datt dësen neie Service an eiser Gemeng Realitéit gëtt an domat d'Offer fir eis Bierger weider ausgebaut gëtt.

Gläichzäiteg ass et mir e perséinlecht Uleies, datt mir als Gemeng zougänglech an no bei de Bierger bleiwen. E gudden Dialog, géigesäitege Respekt an Transparenz sinn d'Basis vun enger moderner Gemengepolitik. Ech freeë mech drop, dëse Wee weiderhin zesumme mat de Biergerinnen a Bierger ze goen.

An dëser Ausgab vum MOSAIK fannt Dir e Réckbléck op dat, wat eis an de leschte Woche beschäftegt huet.

Ech wënschen Iech vill Freed beim Liesen, e schéine Summer an Zäit fir Kraaft ze tanken.

Mat beschte Gréiss,

Paul Maréchal

Äre Buergermeeschter

A photograph of a paved sidewalk made of reddish-brown bricks. To the right of the sidewalk is a low stone wall. Behind the wall is a small stone building with a dark roof and a white door. A tall black pole stands near the wall. In the background, there are green trees and a blue sky with light clouds. The text "ÄR GEMENG FIR IECH DO" is overlaid in white at the bottom.

**ÄR GEMENG
FIR IECH DO**

01



Den neie Mëttelpunkt vum Schoulhaff



Als neie Mëttelpunkt vum Schoulhaff gouf e Bam geplanzt an eng kreesförmeg Sëtzbank aus Holz ronderëm opgeriicht. Dat bréngt net nëmme méi Gréngs an d'Spillpaus, mee suergt geschwënn och fir e bëssi méi Schiet.

Comme nouveau point central de la cour de récréation, un arbre a été planté et un banc circulaire en bois a été installé tout autour. Cela apporte non seulement plus de verdure pendant la récréation, mais offrira bientôt aussi un peu plus d'ombre.



Zwee zousätzlech Hochbeeter am Schoulgaart

Am Schoulgaart goufen zwee weider Hochbeeter opgeriicht fir frësch Geméiss a Kraider ze ziichten. D'Kanner léieren esou den Ëmgang mat gesonden a frësche Liewensmëttel.

Dans le jardin scolaire, deux potagers surélevés supplémentaires ont été installés pour y faire pousser des légumes frais et des herbes aromatiques. Les enfants apprennent ainsi à manipuler des aliments sains et frais.



Energieetesch Renovatioun vun der Schoul



Den Daach vun der Schoul gouf nei isoléiert, dëst am Kader vun der energieetescher Renovatioun. Nieft enger méi héijer Energieeffizienz suergt dëst och fir e bessert Klima am Gebai.

Le toit de l'école a été réisolé dans le cadre de la rénovation énergétique. En plus d'une efficacité énergétique accrue, cela garantit également un meilleur climat au sein du bâtiment.

Erneuerung vun den Trottoiren a Borduren

An der Rue du Lavoir an an der Rue Hiel goufen d'Borduren iwwert déi ganz Längt ersat. Während dësen Aarbechte goufen och d'Trottoire mat Pavé erneiert.

Dans la rue du Lavoir et la rue Hiel, les bordures ont été remplacées sur toute la longueur. Durant ces travaux, les trottoirs ont également été rénovés avec des pavés.



Zréckschneide vun de Beem



An der Rue Principale goufen d'Beem zréckgeschnidde fir d'Verkéiserssécherheet ze garantéieren. Dat ewech geschnidden doudegt Holz hëlleft och fir méi Stabilitéit a Gesondheet bei de Beem.

Dans la Rue Principale, les arbres ont été élagués afin de garantir la sécurité routière. Le retrait du bois mort contribue également à la stabilité et à la santé des arbres.

Klimaanlage fir d'Maison Relais

Fir d'Wuelbefanne vun de Kanner an deene waarme Summerméint goufen an de Säll vun der Maison Relais Klimaanlagen installéiert.

Pour le bien-être des enfants durant les chauds mois d'été, des systèmes de climatisation ont été installés dans les salles de la Maison Relais.



Nei Leitplanken um CR306

Fir den Auto-Pédestre ofzesécheren an esou d'Sécherheet vun de Foussgänger ze erhéije goufen um CR306 zwëschen Viichten a Bissen nei Leitplanken opgeriicht.

Afin de sécuriser le circuit auto-pédestre et d'augmenter ainsi la sécurité des piétons, de nouvelles glissières de sécurité ont été installées sur le CR306 entre Vichten et Bissen.



Glasfasernetz an der Gemeng Viichten

Am Kader vum Ausbau vum Glasfasernetz an der Gemeng Viichten, hunn de Schäfte-rot, zesumme mat de Responsabele vun der POST Luxembourg, sech de "PoP - Point of Presence" ugekuckt. Dës Technikstatioun garantéiert den Awunner vun der Gemeng eng stabil a nach méi schnell Internetverbindung an hirem Doheem.

Dans le cadre de l'extension du réseau de fibre optique dans la commune de Vichten, le collège des bourgmestre et échevins, ainsi que les responsables de POST Luxembourg, ont visité le « PoP - Point of Presence ». Cette station technique garantit aux habitants de la commune une connexion Internet stable et encore plus rapide à leur domicile.



Eng nei Spullmaschinn

An der Sportshal gouf eng nei Spullmaschinn installéiert. Esou kënnen d'Clibb sech an Zukunft méi op hir Aktivitéiten konzentréieren, während d'Spull am Hannergrond automatesch leeft.

Une nouvelle machine à laver la vaisselle a été installée au hall sportif. Ainsi, les clubs pourront à l'avenir se concentrer davantage sur leurs activités tandis que la vaisselle se fait automatiquement en arrière-plan.

Renovatioun vum Sëtzungssall

An der Gemeng gouf de
Sëtzungssall renovéiert.

*La salle de réunion de
l'administration communale
a été rénovée.*





Rue de Michelbouch: Sécherung vum Hang

Op Ufro vun der Gemeng hu Ponts et Chaussées an der Rue de Michelbouch den Hang geséchert an stabiliséiert. D'Moosname goufen ergraff fir d'Strooss méi sécher ze maachen a weider Rëtschgeforen ze verhënneren.

Sur demande de la Commune, les Ponts et Chaussées ont sécurisé et stabilisé le talus dans la rue de Michelbouch. Ces mesures ont été prises pour rendre la route plus sûre et prévenir tout autre risque de glissement de terrain.





Verleeë vum Glasfaser an enger neier Waasserleitung



Am Kader vun Infrastruktuurarbechten hunn CREOS an d'Post hir Héichspannungs- respektiv Telekommunikationsleitungen (Glasfaser) am Buedem verluet, wat et erméiglecht huet, déi bestoend Héichspannungsleitungen ofzebauen. Am selwechte Kader gouf och eng nei Waasserleitung tëscht Méchelbuch an dem Wiltgeschaff realiséiert.

Zousätzlech gouf am Beräich vum Wiltgeschaff an dem Haff Delia e Läschwaassertank installéiert, fir d'Läschwaasserversuergung op deene Plazen ze verbessern an d'Brandsécherheet ze erhéijen.

Dans le cadre de travaux d'infrastructure, CREOS et la Post ont enterré leurs lignes à haute tension et de télécommunication (fibre optique), ce qui a permis de démonter les lignes aériennes à haute tension existantes. Dans ce même contexte, une nouvelle conduite d'eau a également été réalisée entre Michelbouch et le Wiltgeschaff.

De plus, une citerne d'eau d'incendie a été installée dans la zone du Wiltgeschaff et de la ferme Delia afin d'améliorer l'approvisionnement en eau d'extinction à ces endroits et d'augmenter la sécurité incendie.



Nei Blummebacken um Kierfecht an an der Rue Principale



An der Rue Principale an um Kierfecht goufen nei Blummebacken installéiert an esou d'Duerfbild méi frëndlech gestalt.

Dans la rue Principale et au cimetière, de nouvelles jardinières ont été installées, rendant ainsi l'aspect du village plus accueillant.

Eng nei Camionnette an e neie Container-Unhänger



De Service Technique krut eng nei Camionnette an en neie Container-Unhänger ausgeliwwert. Dank dësen neie Gefierer kënnen eis Ekippen elo nach méi séier an eiser Gemeng intervenéieren.

Le service technique a réceptionné une nouvelle camionnette et une nouvelle remorque porte-conteneur. Grâce à ces nouveaux véhicules, nos équipes peuvent désormais intervenir encore plus rapidement au sein de notre commune.

E neien Schmueweltuerm

Am Kader vum Naturpakt an a Kooperatioun mam SICONA gouf beim Retentiounsbaseng an der Cité Viichtbaach e Schmueweltuerm opgeriicht.


Dans le cadre du Pacte Nature et en coopération avec le SICONA, une tour à hirondelles a été érigée près du bassin de rétention dans la Cité Viichtbaach.



Vandalismus an onerlaabt Offallentsuergung – Muss dat sinn?

Leider gëtt et och an eiser Gemeng vereenzelt Fäll vu Vandalismus an onerlaabtem Ofstellen vun Offäll. Wann dir Zeie vun esou Virfäll gitt, wiere mir frou wann dir dat bei der Gemeng géift mellen.

Malheureusement, il y a également dans notre commune des cas isolés de vandalisme et de dépôt sauvage de déchets. Si vous êtes témoin de tels incidents, nous vous saurions gré de bien vouloir le signaler auprès de l'administration communale.





LIEWEN AN EISER GEMENG




Schoulsportsdag – En Dag voller Beweegung an Teamgeescht



Och dëst Joer huet eisen traditionelle Schoulsportdag nees fir vill Beweegung, Spaass a flott Momenter gesuergt. Schonn Ufank Mäerz hunn sech all d'Schoulkanner op e sportlechen Dag gefreet, deen a gudder Zesummenaarbecht mam Sportkrees Réiden organiséert gouf.

An altersgemëschte Gruppen hunn d'Kanner de ganzen Dag iwwer vill verschidde Statiounen duerchlaaf. Dobäi konnten si net nëmmen hir sportlech Fäegkeete weisen, mee och als Equipe zesummeschaffen. Um Programm stoungen ënner anerem e spannende Sportquiz, Seelzéien, Héichsprong, Präzisiounsschéissen, verschidde Laafdisziplinen, Mattenrutschen a nach vill aner flott Erausfuerderungen.

Bei all Statioun konnten d'Equipe Punkte sammeln. Heiansdo gouf et och direkt e Gewënner vun der Statioun. Déi gutt Stëmmung, de Fairplay an de géigesäitege Support waren de ganzen Dag iwwer ze spieren.







Nom Ofschloss vun alle Statiounen ass et spannend ginn: D'Punkte goufen zesumme gerechent an dat bescht Team gouf gefeiert. Natierlech goufen d'Gewënner mat engem groussen Applaus gefeiert.

Mee eigentlech waren um Enn all Kanner Gewënner. Als Erënnerung un dëse flotte Sportsdag, krut all Kand eng Medail iwwerrecht.

E ganz grouse Merci geet un de Sportskrees Réiden, deen dësen Dag zesumme mam Léierpersonal an den Educateuren aus der Maison Relais, virbereet an organiséiert huet. Merci och un all déi vill Hëllefërerinnen an Hëllefërer, déi dozou bäigedroen hunn, datt dëse Sportsdag erëm e vollen Erfolleg gouf.

Mir freeën eis schonn op déi nächst Editioun!



Union Chorale Vichten: Cäciliendag

Fir d'Patréniesch vun de Gesangveräiner ze feieren, war fir samsdes eng Mass zu Viichten an der Kierch. Den Organist Robert Depta, konnt net do sinn a sou war dee Samsdeg de Rosch Mirkes op der Uergel. Zesumme mat der Dirigentin Jehanne Strepenne op der Gei, konnt e musekalesch Leckerbessen genéissen. Leider waren net vill Gleeweger an der Kierch.

Fir weider ze feieren, ass de Veräi Sonndes mëttes an den Différence uewenop iesse gaangen. Et war bal net genuch Plaz, well vill Invitéeën do waren: d'Sängerinnen a Sänger, d'Dirigentin, 2 Organisten - all mat hire Partner -, den Här Paschtouer Flammang, de Schäfferot, de Vertrieeder vum Pius-Verband: de Jeannot Wantz vu Mäerzeg an d'Eugénie an d'Maggy aus der Virbereedung vun eise Massen. D'Presidentin Christiane Pauly hat invitéiert an déif an d'Täsch gegraff. D'Tessy Scharitz, wat den 13. September 40 Joer jonk ginn ass, huet den

Aperitif offréiert. Nom Iessen haten d'Sänger/innen déi grouss Freed, nach emol all eng Medailen ze kréie vun der Union St Pie, deem zweete Veräin, wou si affiliéiert sinn. Nieft deene Geéierte vun der UGDA bei der Generalversammlung goufen och nach folgend Leit vum Pius-Verband dekoréiert:

Bissen Charel, Bissen Marie-Louise, Borschette Fernande, Kugener Marco a Kugener-Goethals Marie-Anne.

D'Monique an d'Christiane hunn e klengt Arrangement kritt als Merci fir hir Aarbecht.

De Buergermeeschter Luc Recken huet si all gelueft fir hiren Asaz an der „Geiësch“ Jehanne vill Freed an Erfolleg mat hirem Chouer gewënscht. Och de Paschtouer, den Här Flammang an de Jeannot Wantz hu schéi Wiederfonnt, fir ze gratuléieren, fir Merci ze soen an déi Dekoréiert ze encouragéieren, sech weider am Veräin ze engagéieren.



Seniorefeier 2025

An der Gemeng Viichten ass et scho säit ville Jore während der Adventszäit di schéin Traditioun all Matbierger ze éieren, déi am Laf vum Joer, e besonnescht Jubiläum gefeiert hunn. Am Kader vun engem flotten Nomëtteg, ass de Buergermeeschter op dat aarbechtsräicht Liewe vun de Jubilaren agaangen, di souwuel a gudde wéi och a schwéieren Zäite mat hirem Fläiss an Ausdauer vill dozou bäigedroen hunn, dat mir Alleguerten haut am Wuelstand an och a Fridden eist d'Liewen zesumme kënnen genéissen. No senger Gléckwënsch an am Numm vun der Gemeng Viichten si follgend Jubilare mat engem schéine Blummebouquet géiert ginn. Fir 80 Joer: Félicien Schannel, Marie Clees-Risch a Lucien Arendt. Fir 85 Joer: Anne Zieser-Michels an Alice Hendrickx-Ensch. Fir 90 Joer: Marcel Zieser. Zu hirer gëllen Hochzäit, fir 50 Joer waren dat: Siebenaller Romain an Ensch Albertine.

Follgend Jubilaren, déi net konnte bei dëser Feier dobäi sinn, ass och gratuléiert ginn. Dat ware: Norbert Colbach fir seng 85 Joer, Nico Maréchal a Bissen Berthe fir hir gëllen Hochzäit. Zesummen ass d'Glas erhuewe ginn an op weider schéin a gesond Joren ugestouss ginn.



Chrëschtfeier vun de Seniorefrënn

Zesumme mam Schäfferot hunn d'Seniorefrënn hier Chrëschtfeier am Restaurant "La Différence" zu Viichten gefeiert an domat d'Feierdeeg an d'Joresenn agelaut.



Foto: Charles Reiser



De Kleeschen op Visitt an der Schoul

De Kleeschen a säi Gesell waren, ewéi all Joers, op Besuch an der Schoul an hu fir vill Freed a laachend Gesiichter gesuergt!

Union Chorale Vichten: Chrëschtconcert

Ënnert dem Impuls vun der Dirigentin Jehanne Streppe a mat der organisatoresch Hëllef vum Viichter Veräi Mosaik, war Stiefesdag e grouse Concert zu Viichten an der Kierch. Déi Viichter Sängerinnen a Sänger hate Frënn aus dem Präizerdaul a vu Feelen a Mäerzeg kontaktéiert an esou konnten si mat engem androcksvolle Programm virun engem grouse Publikum optrieden. De Concert huet ugefaange mat klasschesche Meeschterstécker, gespillt vum Laien-Ensembl Staccato vu Virton. Mir hunn eng gemeinsam Dirigentin an esou war et einfach de Programm fir d'éischt getrennt an duerno zesummen anzeprouwen. Dëse Programm war villsäiteg: nieft klasschesche Meeschterwierker gouf och eng nei Kompositioun vum Jean-Marie Liégeois opgefouert.

Als Soliste konnt een de Robert Depta op der Uergel lauschteren an d'Christine Goethals an dat jonk Irénie Goethals hu mat hirem Gesank beréiert. Mat engem laangen Applaus an e puer Zugabe goufen d'Musikanten an d'Sänger belount. No der Virstellung hunn si sech am Sall vun de Seniorefrënn getraff a festgestallt, datt et net nëmmen ëm d'Musek geet, mee och ëm d'Zesummesinn. An deem Sënn hat de Concert säin Zil erreecht: d'Härzer vun de Leit e bësse méi waarm ze maachen an de Stress vum Alldag fir e Moment ze vergiessen.



Fotoen: RTL, Charles Reiser



Chrëschtmaart 2025



Den 12. an 13. Dezember war fir déi 4. Kéier dee mëttlerweil traditionnelle Chrëschtmaart am Park vun der Gemeng organiséiert vun Aktiv Viichten, Club 2000 an de Pompjeesfrënn



Fotoen: Fräns Siebenaler



Sportleréierung 2025

Den 18. Dezember war am Keller vun der Gemeng d'Sportleréierung vum Joër 2025. Follgend Sportler / Equippe goufe geéiert:

Serge Jacoby

Roude-Léiw Tractor Pulling Team:

Däitsche Meeschter an der Klass 2,5T

DT Viichten-Méchelbuch:

1. Plaatze an der 3. Divisioun

Montanaro Luciano

1. Plaatze Championnats Régionaux du Nord an der Kategorie B2-B3



Neijooschreceptioun vun der Gemeng Viichten

Bei eiser Neijooschreceptioun sinn d'Vertreieder vun de Veräiner, de Kommissiounen an d'Gemeengepersonal fir e gesellege Owend zesumme komm. Bei der Geleeënheet krut och de Gemengesekretär, Jos Engel, fir

säi laangjäregen Asaz an der Gemeng mat enger Corbeille Merci gesot, éier hien den 1. Februar a seng wuel verdéngte Pensioun geet. Mir wënschen him an all de Bierger vun der Gemeng Viichten alles Gudes.

Grouss Botz 2026

Den 28. Mäerz hat d'Gemeng Viichten nees all Bierger a Membere vun de Veräiner agelueden un der Fréijoersbotz laanscht d'Feld- a Spadséierwee mat ze maachen.


Trotz schlechtem Wieder hunn sech nawell vill Leit mat Kanner an Hënn op de Wee gemaach fir muttwëlleg an der Natur entsuergten Offall anzesammelen.

Duerno hat d'Gemeng all déi, déi matgehollef hunn op e Patt mat Gegrills invitéiert.



Fréijoersbotz ronderëm d'Schoul

Kleng a Grouss hu mat vill Begeeschterung matgemaach, fir d'Géigend ronderëm d'Schoul nach méi schéin ze maachen. E grouse Merci un all déi déi matgemaach hunn – eng flott gemeinsam Aktioun!



Visitt vum MG Car Club

Den MG Car Club vu Lëtzebuerg kënnt de Mosaik kucken.

Sonndes, den 19. Abrëll 2026 konnt een am spéide Moien hei zu Viichten iwwer 30 Autoe vun der Mark MG bewonneren. Um Parking bei der Kierch hunn si eng Paus gemaach, fir zesummen d'Kopie vum Viichter Mosaik kucken ze goen.

De Romain Jacoby, President vun de Viichter a Mäerzeger Geschichtsfrënn, huet déi néideg Erklärungen zu dëser Attraktioun ginn.



Fotoen: Fräns Siebenaler

Journée de l'Histoire locale an der Hal

Déi Viichter a Mäerzeger Geschichtsfrënn, zesumme mat Les Amis du Prieuré d'Useldange haten déi 11. Oplo vun der Journée de l'Histoire locale organiséiert. Ronn 30 Aussteller waren der Invitatioun nokomm an esou konnten déi vill Visiteuren sech e Bild maachen iwwer ganz verschidde Sparte vun der Geschicht. Veräiner a Muséeën, Sammler an Editeure konnten sech an hir Produkter virstellen, respektiv verkafen. Zweek Familljefuerscher-Veräiner hunn den Interesséierte bei der Sich no hire Virfare gehollef an et hat een och eng grouss Auswiel un alen an neie Lëtzebuerger Bicher.

Mëttes waren 3 Konferenze gutt besicht: De Jean Krier huet äis matgeholl op d'Stroosse vun de Réimer, den André Bauler huet sengem Papp säi Buch iwwert d'Erliefnesser vun engem Kand am Krich virgestallt an den Erny Kohn huet de Film *Lager 103 - de Feind am Duerf* gewisen a kommentéiert.

De Sënn an den Zweck vun esou enge Journée ass et, de Bierger hiren Interessi un der Lokalgeschicht ze verstärken an de Lokalhistoriker eng Plattform fir den Austausch ze bidden an esou de Kontakt tëschent de Lëtzebuerger Geschichtsveräiner ze fuerderen. Et kënnen och Dokumenter ausgetosch ginn an iwwert Publikatiounen an Aktivitéiten informéiert ginn.

Den Entrée war fräi a fir lessen an Drénke war gesuergt. Besonnesch houfereg waren d'Organisateuren iwwert d'Visitt vum Kulturminister Eric Thill, deen sech laang bei den einzelnen Aussteller opgehalen huet. E grouse Merci geet un d'Viichter Gemeng fir hir Ënnerstëtzung an hiren Eierewäin, souwéi un de Club 2000 fir hir Hëllef beim Ofraumen.



Fotoen: Fräns Siebenaler



D'Geschichtsfreänn maachen een Ausfluch op Arel

Fir dëse Samsdeg haten d'Viichter a Mäerzeger Geschichtsfreänn, zesumme mat les Amis du Prieuré d'Useldange hir Memberen a Sponsoren invitéiert op e klengen Ausfluch op Arel.

Si hunn do 2 Muséeë besicht: de Musée Gaspar mat senger Ausstellung *Tu veux mon portrait?* an de Musée archéologique mat senger gallo-réimeschen Artefakten. Fir déi Viichter Leit war et besonnesch interessant, e monumentale Kapp aus Kalleksandsteen vum Bacchus ze gesinn. Hie staamt aus der éischter Hallschent vum 3. Joerhonnert. De Kapp gëtt esou affichéiert: *Cette tête fut découverte à une date inconnue dans une carrière à Schandel, près de Vichten (Luxembourg) puis conservée dans le jardin de la famille Becker à Useldange (Luxembourg), puis dans le jardin de la famille Résibois à Arlon. Cette tête pourrait peut-être provenir du lieu-dit „Akscht“ (Vichten) où d'autres fragments semblables ont été mis au jour entre 1918 et 1921.*

Mëttes hu mir all zesummen an der Pizzeria Trulli giess.

Wann een am spéiden Nomëtteg nach net midd war, konnt e mam Jean-Claude Muller, engem lëtzebuergesche Linguist a Kulturwëssenschaftler vu Réiden, bei de Jupiter-Tuerm trëppelen an do Erklärungen kréien zu dësem gallo-réimesche Verdeedegungsturm aus dem 4.-5. Joerhonnert, dee klasséiert ass als *Patrimoine exceptionnel de la Région wallone*.



Fotoen: Fräns Siebenaler

Dëschtennis: Maach och du mat!

De Club DT Viichten-Méhelbuch gouf den 1. Juli 1991 gegrënnt. Hien ass an der Gemeng Viichten baséiert an huet säi Spilllokal zu Viichten an der Hal.

Den éischte Präsidant a Grënnungsmitglied war den Tun Jacoby deem eis leider vill ze frei verlooss huet a mir decidéiert hunn dëst Joer de Wanderpokal him ze widmen a him Merci ze soe vir alles dat wat hee vir den DT Viichten-Méhelbuch gemaach huet.

De Club ass och haut nach am Championnat aktiv. Mat 3 Senioren- an 1 Jugendequipe ass de Club iwwer 40 Wochen am Joer am Asaz .

Dëst Joer hu mer och ee Jubiläum mat 35 Joer DT Viichten-Méhelbuch. De Club féiert seng Traditioun als aktive Veräin an der Gemeng Viichten-Méhelbuch weider a setzt op Jugendförderung a Veräinsgeescht.

“Zënter 1991 verbënnt den DT Viichten-Méhelbuch Sport, Frëndschaft a Veräinsliewen iwwer Generatiounen ewech.”

Dofir maache mir op dëser Plaz den Opruff vir nei Spillerinnen a Spiller ab 8 Joer ze sichen. Wanns du Spaass u Beweegung an engem flotten Teamgescht wëlls hunn, da komm bei eis a probéier Dëschtennis aus.

DT Viichten-Méhelbuch:

- Vir Kanner an Jugendlecher
- Vir Ufänger a Fortgeschrittener
- Flott Trainingsgruppen
- Gutt vir Koordinatioun

Mell dech einfach bei eise verantwortlechen Traineren.

Augst Chris

Tel.: 621 478 134; augstc@hotmail.com

Montanaro Dami:

Tel.: 691 711 612; damim@pt.lu



E Besuch an der Welt vun de Musikinstrumenter

Am Cycle 3 hunn d'Kanner sech an de leschte Wochen intensiv mat de verschiddene Famillje vun de Musiksinstrumenter beschäftegt. Si hu geléiert, wéi Blos-, Sträich-, Schlag- a Saiteninstrumenter funktionéieren an hunn och vill verschidde Kläng am Unterrecht kennegeleiert.

Mee eng Fro ass dobäi ëmmer erëm opkomm: Wéi fillt et sech eigentlech un, esou en Instrument selwer ze spillen? Ass et schwéier, direkt en Toun erauszebréngen?

Fir dat erauszefannen, gouf de Festsall vun der Schoul an eng richtig kleng Museksschoul verwandelt. Vill Instrumenter stoungen do bereet a konnte vun de Kanner ausprobéiert ginn.

Ënner vill Gelaachs, Staunen a natierlech och engem gudde Stéck Kaméidi hunn d'Kanner sech un eng ganz Rei Instrumenter getraut. Dobäi konnten si ënner anerem eng Tuba, e Saxofon Alto, e Saxofon Soprano, eng Querflütt, eng Posaun, en Althorn, eng Trompett an e Fligelhorn testen. Och verschidden Trommelen an Orff-Instrumenter stounge fir d'Kanner zur Verfügung.

Fir vill Schüler war et eng richtig Erausfuerderung, iwwerhaupt den éischten Toun erauszebréngen. Anerer hunn iwwerraschend séier gewisen, datt si e richtig Talent hunn. Hei an do konnt een direkt eng Klarinett oder eng Trompett héieren, déi scho bal wéi bei engem richtege Concert geklongen huet.

Och wann et heiansdo zimmlech haart am Sall ginn ass, war et fir all Kanner eng spannend Erfahrung. Si konnten d'Instrumenter net nëmme gesinn a héieren, mee och selwer erliewen. Dës musikalesch Entdeckungsrees huet sécher bei deem engen oder anere Loscht gemaach, vläicht selwer emol en Instrument ze léieren.

E flott, léierräicht an natierlech och ganz klangvollt Erlebnis!




Liesen a Liewen am Däischteren: "Journées du livre et du droit d'auteur"

Am Kader vun den „Journées du livre et du droit d'auteur« huet de Cycle 2 an der Woch vum 20. bis de 24. Abrëll ënnert dem Motto „Liesen a Liewen am Däischteren“ verschidden Aktivitéiten organiséiert. Dës Aktivitéite sinn donneschdes an den 2 Klasse vum Cycle 2 ofgelaf.

CYCLE 2

D'Kanner aus de Klassen 2.1. an 2.2. sinn an 3 altersgemëschte Gruppen agedeelte ginn. Während 2 Schoulstonnen hunn si 3 verschidde Bicher zum Thema entdeckt. Dës war ëmmer mat enger passender Aktivitéit verbonnen.




1. ATELIER

D'Kanner krute fir d'éischt den Deckel gewise wou si selwer erode sollten, ëm wat dës Buch handele kéint. Si kruten d'Geschicht virgelies a vill Kanner hu spontan erzielt, wou a wéi hir Mamma oder hire Papa an der Nuecht schafft.

Dono hu mir ee Quiz gemaach fir déi verschidde Beruffer, wou Leit nuets „aktiv“ sinn, ze eroden.





2. ATELIER

Hei hunn d'Kanner Spiller gemaach fir Zäit ze erfuerschen, ze spieren z.B. 10 Sekonne roueg sinn, 30 Sekonne laang klatschen, exakt 1 Sekonn um Ipad stoppen, sech an Zäitloop beweegen oder sech super schnell beweegen, esou wéi Sekonnen.

Zum Schluss hunn si dann och nach hiren eegenen Trödeltrick gemoolt.

3. ATELIER

Nodeems mir am klengen Grupp d'Geschicht zesummen erzielt hunn, konnten d'Kanner sech Gedanken maache fir eng 1. Säit, ee Cover passend zum Buch ze erfannen, ze molen. Déi éischt Säit war zougedeckt a si hu fräi no hirem Fantasie gemoolt.

D'Semaine du livre et du droit d'auteur bleibt e wichtegt Ereegnes, well des Woch d'Bedeutung vu Bicher, Liesen a kreativem Schaffen ervir hieft. Si mécht op d'Rechter vun den Auteuren an Auteurinnen opmierksam an erënnert drun, dass de fräien Zougang zu Literatur, Bildung a Meenungsäusserung net iwweierall op der Welt selbstverständlech ass.



Eng Nuecht voller Geschichten, Täscheluuchten a vill Spaass!

Den 20. Mee war et endlech esou wäit: Eis grouss Liesnuecht stoung um Programm! Ënnert dem Motto „Liesen am Däischteren“ hunn d'Schoulkanner vum Cycle 1 bis Cycle 4 eng ganz speziell Nuecht an der Schoul verbruecht.

Schonn um 18 Auer ass d'Opreegung grouss gewiescht. An de Klasse goufen d'Loftmatrassen opgeblosen, d'Schlofpazen ageriicht an d'Schlofsäck ausgerullt. Iwwerall gouf gelaacht, geschwat an natierlech och e bëssen ausprobéiert, ob d'Bett fir d'Nuecht bequeem genuch ass.

Um 18:30 Auer hunn sech all d'Kanner am Schoulhaff versammelt. Fir d'Aktivitéite goufen altersgemëscht Grupp gemaach. Et war flott ze gesinn, wéi déi méi grouss Schüler sech ëm déi méi jonk gekëmmert hunn an hinne gehollef hunn.

Duerno hunn d'Gruppe sechs spannend Statiounen duerchlaaf, déi all eppes mam Thema Däischtert, Liesen a Geschichten ze dinne haten. Bei de verschiddenen Ateliere konnten d'Kanner Schattenspiller a Geschichten entdecken, am Däischtere molen, Klanggeschichten erliewen, méi iwwer d'Liewen ënner der Äerd gewuer ginn a nach vill aner spannend Aktivitéiten ausprobéieren.

No all de Statiounen ass nach e grousst Gruppefoto am Schoulhaff gemaach ginn. Duerno ass et zeréck an d'Klasse gaangen.

Elo war et Zäit fir d'Zänn ze botzen an et sech gemittlech ze maachen. Mat Täscheluuchten ënner der Decken hunn d'Kanner nach bis spéit an d'Nuecht gelies, Geschichte gelauschert a spannend Aventuren entdeckt.



Den nächste Moien huet e leckere Frühstück an der Maison Relais op déi midd, awer glécklech Kanner gewaart. No der Stäerking gouf an de Klassen nach eng Kéier gelies a gelauschtert, ier déi aussergewéinlech Nuecht op en Enn gaangen ass.

D'Liesnuecht war e grouse Succès an huet gewisen, datt Liesen net nëmme spannend ass, mee och vill Spaass maache kann – besonnesch am Däischteren!


Mir freeën eis schonn op déi nächst Liesnuecht!



Kreative Filmatelier am Märjendall: "Les aventures de Tops et Monito"

Am Centre de Jeunesse vum SNJ haten d'Schüler aus dem Cycle 2 am Juni d'Geleeënheet d'Technik vum Stop-Motion-Film kennenzelëieren. Mat iPads hunn si a kleng Gruppen eng eege Geschicht erfionnt, déi verschidde Szenen geplangt an déi passend Fotoe gemaach. Ueschléissend hunn d'Kanner hire Kuerzfilm nach mat Musek, Téin a Stëmm fäerdeg gestallt.

Dëse flotte Projet huet net nëmmen d'Kreativitéit an den Teamgeescht gefuerdert, mee och d'Fäegkeet, Iddie gemeinsam ze plangen an ëmzesetzen. Gläichzäiteg hunn d'Kanner geléiert, aktiv mat digitale Medien ëmzegoen an dass een dës kreativ a verantwortungsvoll benotze kann. Esou Erfarungen si hautdesdaags wäertvoll, well d'Mediekompetenz eng wichteg Viraussetzung fir d'Schoul, de spéidere Beruff an den Alldag ass.



Repair Café zu Viichten

Net ewech geheien, mir hëllef en lech et flécken! De Repair Café vum Kanton Réiden war zu Viichten. D'Bierger konnten hier futtis oder beschiedegt Saache matbréngen a passionéiert Benévoller hu gehollef hinnen en zweet Liewen ze ginn.

Vun elektresch Apparater iwwer Vëloë bis hin zu kleng Bitzaarbechten... näischt blouf onversicht an e ganze Koup Leit konnten hier Saachen erëm gefléckt mat heem huelen.



Fotoen: Caroline Schmit



**REPAIR
CAFÉ 2026**

KANTON
REIDEN

Virowend vu Nationalfeierdag

Fir Nationalfeierdag huet d'Gemeng Viichten sech zesummefonnt fir dësen Dag ze feieren.

Nom feierlechen Néierleeë vun enger Gerbe um Kierfecht hunn de Schäfferot, de Gemengerot an d'Bierger sech an der Kierch fir den Te Deum getraff éier de Buergermeeschter Paul Maréchal seng feierlech Ried gehalen huet.

Nom offiziellen Deel gouf et och e Moment fir d'Solidaritéit mat der Iwwerreechung vun der "Spendekëscht 2025" un d'Vereenegung Noël de la Rue a.s.b.l.

Fir den Dag schéin ofzeschléissen, gouf an enger gemittlecher a gudder Stëmmung zesumme gefeiert, wou jidderee bei engem Patt an eppes vum Grill op Nationalfeierdag ugestouss huet!







GEMENGERÉIT



Délibératiounen

11.02
2026

Membres présents:

Bourgmestre M. Luc Recken; Échevins M. Paul MARECHAL & Mme Christiane PAULY; Conseillers Mme Monique DABE, Mme Monique JAEGER, M. Joël LOOMANS, Mme Sandra PRAVISANI, M. Ben POLIDORI (sorti aux points 4.2 et 6); Secrétaire M. Frank FLENER

Membre(s) excusé(s):

M. GOMES MENDES Luis Miguel
(par procuration donnée à Monsieur Luc RECKEN)

Désignation d'un candidat pour le poste de bourgmestre.

Candidature(s) : M. Paul MARECHAL de Vichten

(Vote à l'unanimité)

Désignation d'un candidat pour le poste d'échevin.

Candidature(s) : M. Luc RECKEN de Vichten

(Vote à l'unanimité)

Approbation de titres de recettes

pour un montant total de 208.781,44 €.

(Vote à l'unanimité)

Nomination de membres

pour la commission du vivre ensemble.

(Vote à l'unanimité)

Approbation d'un devis pour l'aire de jeux à l'arrière de l'immeuble « La Différence » pour un montant de 279.763,86€ TTC.

(Vote à l'unanimité)

Approbation d'un devis de l'ASTA au montant 164.500 €

pour la mise en état de la voirie rurale (enrobés bitumeux sur 2 chemins ruraux aux lieux-dits « Weidenwiesen » et « am Kredebour »).

(Vote à l'unanimité)

Approbation d'un contrat d'ingénieur relatif à la construction d'un réservoir d'eau potable à Michelbouch d'un montant de 9.838,78 € HTVA.

(Vote à l'unanimité)

Approbation d'une concession au cimetière de Vichten pour une durée de 30 années.

(Vote à l'unanimité)

Approbation d'une convention ayant pour objet la cession des droits de propriétés relatif à une canalisation privée.

(Vote à l'unanimité)

Approbation d'une convention ayant pour objet la cession d'une bande de terrain faisant partie des parcelles 1310/5883 et 1301/3575 aux lieux dits « Ob der Grosbies » et « Weiherwiesen ».

(Vote à l'unanimité)

Approbation d'un procès-verbal de réception et d'un décompte relatif au projet n°102896 concernant des travaux de reprofilage et enrobage de deux chemins ruraux aux lieux-dits « op de Sandkaulen » et « vor om Rellent » aux prix de 69.252,85 €.

(Vote à l'unanimité)

Approbation d'un procès-verbal de réception et d'un décompte relatif au projet n°103075 concernant des travaux de reprofilage et enrobage de deux chemins ruraux aux lieux-dits « am Kredebour » à Michelbouch et « auf dem Nolstein » à Vichten au prix de 7.985,68€.

(Vote à l'unanimité)

Approbation d'une convention pour la collecte des déchets verts.

(Vote à l'unanimité)

Programme d'activités du Pacte Climat.

(Vote à l'unanimité)

Vision territoriale du canton de Redange de 2035-2050.

(6x oui, 1x non et 1 abstention)

Approbation de subsides extraordinaires.

(Vote à l'unanimité)

Prise de connaissance des statuts de l'association CATER-GRILLER.

Confirmation de deux règlements de circulation d'urgence :

-dans la rue d'Useldange

-dans la rue Hiel

(Vote à l'unanimité)

Anwesende Mitglieder: Bürgermeister M. Luc Recken; Schöffen M. Paul MARECHAL & Mme Christiane PAULY; Gemeinderäte Mme Monique DABE, Mme Monique JAEGER, M. Joël LOOMANS, Mme Sandra PRAVISANI, M. Ben POLIDORI (abwesend bei Punkt 4.2 und 6); Sekretär M. Frank FLNER

Entschuldigte Mitglieder: M. GOMES MENDES Luis Miguel
(durch die Herrn Luc RECKEN erteilte Vollmacht)

Benennung eines Kandidaten für das Amt des Bürgermeisters.

Kandidatur(en): Herr Paul MARECHAL aus Vichten
(Einstimmige Abstimmung)

Benennung eines Kandidaten für das Amt des Schöffen.

Kandidatur(en): Herr Luc RECKEN aus Vichten
(Einstimmige Abstimmung)

Genehmigung von Einnahmeanordnungen in Höhe eines Gesamtbetrags von 208.781,44 €.

(Einstimmige Abstimmung)

Ernennung von Mitgliedern für die Kommission für das Zusammenleben.

(Einstimmige Abstimmung)

Genehmigung eines Kostenvoranschlags für die Errichtung eines Spielplatzes hinter dem Gebäude „La Différence“ zum Gesamtbetrag von 279.763,86 € inkl. MwSt.

(Einstimmige Abstimmung)

Genehmigung eines Kostenvoranschlags der ASTA in Höhe von 164.500,00 € für die Instandsetzung des ländlichen Wegenetzes (bituminöse Asphaltbeläge auf zwei Feldwegen „Weidenwiesen“ und „am Kredebour“).

(Einstimmige Abstimmung)

Genehmigung eines Ingenieurvertrags im Zusammenhang mit dem Bau eines Trinkwasserreservoirs in Michelbouch in Höhe von 9.838,78 € zzgl. MwSt.

(Einstimmige Abstimmung)

Genehmigung einer Grabkonzession auf dem Friedhof von Vichten für die Dauer von 30 Jahren.

(Einstimmige Abstimmung)

Genehmigung einer Vereinbarung über die Abtretung von Eigentumsrechten im Zusammenhang mit einer privaten Kanalisation.

(Einstimmige Abstimmung)

Genehmigung einer Vereinbarung über die Abtretung eines Grundstücksstreifens, der Teil der Parzellen 1310/5883 und 1301/3575 in den Ortsteilen „Ob der Grosbies“ und „Weiherwiesen“ ist.

(Einstimmige Abstimmung)
